



SÉANCE 43

MARDI, 4 JUILLET 2017

Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;
MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir sinn um Enn vun dëser Diskussion ukomm. A mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar dem Projet de loi 6997, der Emsetzung vun enger Direktiv iwwert de penale Schutz vum Euro an aneren Devisé géint Fälschung.

5. 6997 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue de transposer la directive 2014/62/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la protection pénale de l'euro et des autres monnaies contre la contrefaçon, et remplaçant la décision-cadre 2000/383/JAI du Conseil

Rapport de la Commission juridique

► **M. Franz Fayot** (LSAP), rapporteur.- Här President, leif Kolleginnen, leif Kollegen, Här Minister, mat désem Gesetzesprojet a mam Gesetzesprojet...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Kolleginnen, Kollegen, et ass ganz schwéier fir de Rapporteur ze schwätzen, wann Niewendusküssioun gefouert ginn. Wann Der déi musst féieren, féiert se wann ech gelift dobaussen!

► **M. Franz Fayot** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Den Här Rapporteur huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP), rapporteur.- Mam Gesetzesprojet 6997 setze mer eng europäesch Direktiv ém, där hiert Zil et ass, d'Fälsche vum Euro ze verhënneren. An de Considéranté vun der Direktiv 2014/62 ass ze liessen, dass zénter dem Joer 2002, zénterdeem et also méiglech ass, an Euro ze bezuelen, e Schued vun enger halwer Milliard Euro duerch gefälschtend Geld entstanen ass.

Op där enger Sait geet et bei dëser Direktiv drëm, d'Entreprises an hir 330 Millionne Verbraucher am Euroraum viru finanzielle Perten ze schützen. Op där anerer Sait geet et drëm, d'Vertrauen an den Euro, der zweettichtigster Währung op der Welt, ze garantéieren.

D'Direktiv obligéiert d'Memberländer, gewëssen Infraktiouen iwwert d'Fälsche vu Suen an hirem Code pénal virzegesi souwéi och minimal Sanktiounen anzeféieren. Da sollen d'Ermettler, dat heescht d'Police an der Haapsaach, déi néideg Moyene kréien, fir iwwert déi Infraktiouen ze enquêteieren. An d'Memberstate ginn ausserdeem opgeruff, Statistiken iwwert d'Zuel vun Infraktiouen, déi mam Fälschen ze dinn hunn, ze féieren.

Déi zwee lescht Punkte ginn allerdéngs net an désem Gesetz traitéiert.

Här President, mat deem heite Gesetz ännere mer just punktuell eise Code pénal an eise Code de procédure pénale. D'Gesetz, dat mir hoffentlech haut alleguerte stëmme wäerten, huet némnen zwee Artikelen, well eis aktuell Gesetzgebung scho largement d'Exigenze vun der Direktiv, mä och vun aneren internationallen Texter wéi der Genfer Konvention vun 1929 respektéiert.

Mir hunn awer vun désen Ännérunge profitéiert, fir d'Kapitelen I bis III an hir Disposition commune am Titel 3 vum Livre II vum Code pénal nei ze strukturéieren. Mir ersetzen also heimadder d'Artikelen 160 bis 192-2 vum aktuelle Code pénal duerch dräi nei Kapitelen.

Am Kapitel I, Artikelen 160 bis 166, präzisiéiere mer, dass mer mat „Währung“, dem franséische Wuert „Monnaie“, souwuel Pabeier wéi metalle Währunge verstinn. Do derbäi kommen dann och nach d'Definitiounen vun den Instruments de paient corporels an d'Titren, also Wäertpabeieren, fir déi och déi nämlech Sanktioune

gëlle wéi déi fir d'Fälsche vu Suen. An zwar gesät eise Code pénal Prisongsstrofen téschent 10 a 15 Joer fir d'Fälsche vu Suen, vu Paiementinstrumenter a Wäertpabeiere vir.

Dat si streng Strofen, Här President, allerdéngs och justifiéiert, wann ee bedenk, wivill Schued esou Infraktiouen urichten, a wann ee bedenk, dass et sech hei ém ganz sophistiquéiert Kriminalitéit, oft och Bandekriminalitéit handelt. Manner streng gétt d'Participatioun an d'Hélfel zu de viregtan Infraktioune bestrooft souwéi och d'Tentative. Mä émmerhin, et risquéiert een awer och hei eng Prisongsstrof vu bis zu fénnef Joer.

Am neie Kapitel II geet et ém d'Fälsche vu staatleche Sigelen, vun Timberen, Dréck a Marcken. Och hei gëllen déi nämlech Strofe wéi bei Suen oder Wäertpabeieren.

Am drëtte Kapitel da regele mer d'Strofe fir de Fall, wou een institutionell Maschinne, also legal Printinstrumenter benutzt huet, fir Fälschungen hierzestellen oder zum Beispill wann et ém Sue geet, déi net gefälscht goufen, mä eigentlech nach net dierften an d'Zirkulatioun bruecht ginn.

Här President, leif Kolleginnen, leif Kollegen, ech wéll net ze laang ginn an ech weess, dass dat lech freet. Fir d'Detailer erlaben ech mer, op de Rapport vun der Kommissiou ze verweisen. Mir erreeche mat der Emsetzung vun dëser Direktiv zwar net eng eenheetlech penal Gezetgebung am Beräich vun der Fälschung vu Suen am Euroraum, mä mir erweideren awer hei op europäeschem Niveau de Katalog vu méigleche Sanktiounen a stäerken eis Méttelen am Kampf géint dës Form vu Kriminalitéit.

Ech wéll och nach derbäifügen, dass et eng gewëssen Urgence gétt, fir dës Direktiv émzusetzen, well mer schonn hei a Verzuch sinn an, mengen ech, och en Avertissement kruten, soudass ech lech da géif Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu désem Projet. Voilà!

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Rapporteur. An den eischte Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Mir soen dann och dem Rapporteur, dem Franz Fayot, Merci fir säi schriftechen a mëndleche Rapport. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci. D'Zoustëmmung vun der LSAP hu mer. D'Madam Beissel fir d'DP.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Jo, Här President, ech ralliéiere mech. Et wär vill ze soen an désem interessante Projet, mä vu dass den Här Fayot, deem ech Merci soe fir säin exzellente schriftechen a mëndleche Rapport, an dëser awer technesch komplizéierter Matière dat ganz gutt presentéiert huet, ginn ech och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci. D'Madam Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Villmools Merci, Här President. Mir schléissen eis deem un. Och mir ginn den Accord zu désem Projet de loi a si komplett d'accord mat allen Dispositiounen, déi en enthält.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Den Här Reding hätt ech hei stoen. Ech ginn dervun aus, dass den....

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech ginn och den Accord vun eiser Sait.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci. An dann, mengen ech... Den Här Baum wénkt och den Accord. Domat huet den Här Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, Ministre de la Justice.- Ech hunn de Wieder vum Rapporteur näischdrunzehänken, ausser dass ech dem Franz Fayot wéll Merci soen, wéi och der gesamter Commission juridique, fir déi héich Vitesse, mat där se dése Projet evakuéiert kritt huet. Mir sinn doriwwer ganz frau. An ech soen och der Chamber Merci fir d'Eestëmmegkeet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och dem Här Justizminister. Mir kënnen dann direkt zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6997 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An

Sommaire des séances publiques n°s 41, 42 et 43

41^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 555
Ordre du jour	p. 555
Discours de M. le Président	p. 555
Déclaration de M. Antonio Tajani, Président du Parlement européen	p. 555-556
Séance de questions et de réponses	
1) Question posée par le groupe politique LSAP	p. 556-557
2) Question posée par le groupe politique CSV	p. 557
3) Question posée par le groupe politique DP	p. 557
4) Question posée par la sensibilité politique ADR	p. 557-558
5) Question posée par le groupe politique «déi gréng»	p. 558
6) Question posée par la sensibilité politique «déi Lénk»	p. 558-559
Heure d'actualité du groupe politique CSV sur l'avenir du libre-échange en général et du futur de l'Organisation mondiale du commerce en particulier	p. 559-561
7107 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et la République du Capo Verde relatif à la gestion concertée du flux migratoire et au développement solidaire, fait à Luxembourg, le 13 octobre 2015	p. 562-563
6883 - Projet de loi portant modification du Code du travail	p. 563-565

42^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 566
Communications	p. 566
Dépot d'une motion par M. Gast Gibéryen	p. 566-567
7047 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau	p. 567-574
7106 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne sur les paysages, fait à Strasbourg le 15 juin 2016	p. 574-575
7125 - Projet de loi portant approbation de l'amendement de Kigali au protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrisse la couche d'ozone, adopté à Kigali le 15 octobre 2016	p. 575-576
7088 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère	p. 576-577

7110 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°511/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux mesures concernant le respect par les utilisateurs dans l'Union du Protocole de Nagoya sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation	p. 577-578
43 ^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 578
Communications	p. 578-579
Ordre du jour	p. 579
Interpellation de M. André Bauler au sujet des effets potentiels d'une sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne sur la place financière internationale de Luxembourg et	
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la feuille de route pour la sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne	p. 579-591

6997 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue de transposer la directive 2014/62/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la protection pénale de l'euro et des autres monnaies contre la contrefaçon, et remplaçant la décision-cadre 2000/383/JAI du Conseil	p. 591
--	--------

Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott unzefroen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

Merci. An d'Sézung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)